

„Halleluja ... Hien ass operstan!“

Virun e puer Wochen huet déi Zäit ugefaang, op déi mer äis wochelaang duerch Faaschte, Gebiet an Deelee virbereet hunn. Mir befannen äis an der Ouschterzäit, déi wichtegst Zäit fir d'Chrëschten, jo, fir d'Mënschen all!

An der leschter Woch virun Ouschtere si mer mam Jesus de Wee vun der Passioun gaangen. Fir d'éischt dee feierlechen Anzuch a Jerusalem, fir dann awer séier de Leidenswee mat deem ze goen, dee versprach huet, äis ze erlëisen, an deem dat Versprechen och agelëist huet. Jesus Christus huet äis duerch säin Dout um Kräiz an duerch seng Operstehung erlëist. Mä wat bedeit dat eigentlech?

Sécherlech kennt Dir déi Situatioun: et geet een e léiwe Mënsch an d'Klinik besichen an et gesäit ee vill Krankheet, Angscht, Verzweigung um Wee duerch d'Spidol. Vlächcht waart Dir selwer schonns eng Kéier an esou engem Fall! Angscht, Verzweigung, an all déi alldeeglech Suergen, déi een nidder drécken, begleeden een op Schrëtt an Trëtt.

Mir si Mënschen an als solch maache mer Feeler, si vlächcht onéierlech mat aneren an/oder mat äis selwer, mir schueden de Matmënsche heiansdo a si selwer verletzbar. Mä do ass een, deem äis hëllef, een, deem äis befreit vun der Angscht, der Schold, der Verzweigung: Jesus Christus. Duerch säi Leiden a Stierwen huet en alles, wat äis schued a vu Gott distanzéiert op sech geholl. Jo, hien huet déi

Distanz zu Gott, déi mir selwer verbrieche, zerstéiert. Duerch säi Leiden a säi Gottvertrauen huet en äis e Beispill an Hoffnung zouglaich ginn: wa mer krank sinn, Kranker begleeden, duerch iergendeppes an zweiwelen an schleidere komm sinn, da kënne mer an esou engem Fall sécher sinn, datt Gott äis begleet. Hie léisst äis net eleng, egal a welcher Situatioun mer ons befannen.

Fir een dee krank ass oder en ongléckleche Mënsch begleet, ass dat natierlech einfach gesot. Et ass net einfach als Kranken esou e Message ze verstoen an duerno ze liewen. An dat ass normal. Denke mer un den Apostel Thomas, deem ufanks net gegleeft huet, datt de Jesus wierklech operstanen ass. Hie wollt Beweiser hunn. Hien huet gezweiwelt! An esou därefen och mir mol an zweiwelen geroden. An och do hält Gott äis seng Hand entgéint. Hie gëtt äis déi Zäit, déi mir

brauche fir dëst wonnerbart Ouschtergeheimnis begräifen ze kënnen. Dës Zäit ass ganz ënnerschiddlech fir deen eenzelne vun äis. Denke mer z. B. un de Péitrus an un deem, deem de Jesus gären hat (cf. Johannesevangelium). Deen een ass méi séier beim Graf ukomm ewéi deem aneren. Dat maach sécher och un der sportlecher Konditioun geleeën hunn, mä et schéngt dem Evangelist Johannes ëm méi ze goen, datt en esou en Detail ervirhiewt. Déi Béid sinn an hirem Rhythmus dem Graf an esou der Ouschterbotschaft méi nokomm.

Denke mer awer och un d'Emmausgeschicht. Obwuel de Jesus mat de Jünger de Wee gaangen ass, hunn se de Messias no der Operstehung net direkt erkannt. Et wor d'Trauer, déi verständlech ass, déi se blann gemeet huet. Esou wéi d'Emmausjünger, esou sinn och mir oft blann, mä mir därefe berouegt sinn: Och wa mer en net direkt erkennen, och wa mer néiergeschloe sinn, Jesus Christus ass bei äis a mir sinn net eleng op eisem Wee. Fir dat ze verstoe, brauche mer Zäit. Zäit, déi Gott äis gëtt.

D'Ouschterbotschaft ass eng Botschaft vun Hoffnung, Freed, Vertrauen a Léift! Mir brauche keng Angscht méi ze hunn: Gott ass bei a mat äis! An deem Sënn wënschen ech lech eng geseenten Ouschterzäit a virun allem, datt Dir Gott op Ärem Wee erkennt an esou méi geloossen duerch den Alldag kennt goen!

Abbé Romain Richer



Rouspert freet sech!



De Landjugenddag war fir mech ëmmer e perséinlechen Highlight, wéi ech mech nach aktiv an dësen Dag agebonnen hunn. All Jar hunn ech op en Neits festgestallt, datt der Fantasie vun de Jugendlichen eigenlech keen Grenzen gesat sinn, fir en onvergeesslechen Dag ze verbréngen.

Is Landjugend weist ëmmer nees, datt si net méid gëtt, d'Organisatioun vun esou engem Event unzegoen. D'Leit, déi d'Initiativverdrossenheet vun ise jonke Leit uprangeren, müssen hei definitiv erkennen, datt deem net su ass.

D'Engagement vun der Landjugend geet wäit iwwer dësen Dag eraus. Den Informationsaustausch ënnert der Lëtzebuerger Landjugend - Jongbaueren a Jongwënzer zu agrarpolitischen Themen zielt zu enger vun hiren eigentlechen Aufgaben. Dobäi kënnt dat nobelt Engagement fir

d'Entwécklungszesummenaarbecht an Afrika. D'Jugendorganisatioun beweist, datt si d'Erausforderungen an eener globalisierter Welt ugeet.

Leif Leit - jonk an al - d'Gemeen Rouspert freet sich op den dësjährige Landjugenddag zu Rouspert laanscht d'Sauer. An deem nei amenagéierte Sauerpark mat iser Waasser-Abenteuerspillplaz wäert Dir en ereignisräichen Dag erliewen. Um Rallye wäert su munch Attraktioun duerch de festgeluechte Circuit am Sauerdall ze geséin sinn.

Am Numm vun der ganzer Gemeen, an an der Iwwerzeegung, datt nëmmen di besten Erënnerungen mat heem geholl ginn, wënschen ich dem Landjugenddag 2012 vill Succès, vill Leit a virun allem goud Wieder.

Romain Osweiler
Buergermeester

Voll Power zu Rouspert laanscht d'Sauer



Event an hirem Manifestationsskalenner. Vill Jonker a jonk gebliwwene Frënn vun der Landjugend sinn all Joer gären derbäi a

freeën sech schon am Virfeld op e puer flott Stonnen, déi d'Jugendorganisatioun fir si virbereet huet.

*D'Lëtzebuerger Landjugend - Jongbaueren a Jongwënzer **Maacher** a.s.b.l.*

invitéiert ganz härezelech op den

38. Landjugenddag zu Rouspert

op Christi-Himmelfahrt, en Donneschdeg, de 17. Mee 2012

Thema: Voll Power zu Rouspert laanscht d'Sauer

Programm:

10:00 Auer	Jugendmass an der Porkierch vu Rouspert mat dem Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich Musikalischen Encadrement: Sauerquakerten Chorale réunie Rouspert-Uesweiler
11:15 Auer	Eirewäin, ugebuede vun der Gemeng Rouspert
11:45 Auer	Mëttegiess am Zelt beim Pavillon op der Sauer Startschoss vum Rallye pédestre (den Tour vum Rallye ass mat der Kannerkutsch befuerbar)
Nomëttes	Kaffisstuff, Kanneranimatioun
15:00 Auer	Concert vun der Hierber Musek
20:30 Auer	Dekanatsspill
22:00 Auer	Präisverdeelung am Zelt op der Sauer

Ofschlossbal mam Discoteam Audiorent

Am Numm vun der Landjugend **Maacher** ass et fir mech eng grouss Éier, firlech op Rouspert op den 38. Landjugenddag ze invitéieren.

En Donneschdeg, de 17. Mee 2012 - op Christi Himmelfahrt - organiséiert déi regional Landjugendgrupp **Maacher** ënnert dem Motto „Voll Power zu Rouspert laanscht d'Sauer“ fir déi 5. Kéier de Landjugenddag. Mir ginn eist Besch, fir datt déi nei Editioun vum traditionelle Rendez-vous vun der Jugend aus dem ländleche Raum och dëst Joer nees e Succès gëtt.

De beléiften Dag gëtt bekanntlech ofwiesend vun enger vun deene 7 regionale Gruppe vun der **Lëtzebuerger Landjugend** organiséiert an zielt zu engem wichtege

Déi Maacher hunn hire leschte Landjugenddag am Joer 2005 mat grousssem Erfolleg zu Berbuerg organiséiert. Dës Kéier ass et un enger – zum Deel – ganz neier a jonker Equipe, fir der Jugend aus dem In- an noen Ausland e flotten an ofwieslungsräichen Dag an der Natur ze bidden.

Bei de Preparatiounen hu mir äis fir Rouspert an Ëmgéigend décidéiert. Déi Verantwortlech vun der Gemeng hunn sech direkt bereet erkläert, fir äis zur Sait ze stoen an äis hir Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen. Am Numm vun der Landjugend soen ech de Gemengeresponsablen elo schonn e

grousse Merci, fir déi spontan a gutt Zesummenaarbecht.

De flotten a spannende Rallye, deen e wichtige Bestanddeel vum Landjugenddag duerstellt, féiert laanscht dat historescht Rousperter Schloss, duerch de Sauerdall a bei e puer ganz flott Aussichtspunkten.

E spezielle Merci geet un eis Sponsoren. Ouni hir Ënnerstëtzung wir et net méiglech, fir déi Manifestatioun ze realisieren. En décke Merci soen ech och all eise Memberen an all deenen, déi am Virfeld vum Dag eng Hand mat ugepak hunn. D'Preparatiounen verlaange vill Asaz an Zäit, déi just duerch

eng gutt Zesummenaarbecht duerchgefouert kënne ginn. Ouni déi staark an dynamesch Equipe wir et net méiglech, fir esou een Event op d'Been ze stellen.

D'Konditiounen stëmmen deemno, fir datt Dir de 17. Mee 2012 e puer flott an amusant Stonnen bei äis verbréngen kënnt. Bréngt Dir deen néidege Power mat, fir den Tour zu Rouspert a laanscht d'Sauer. Mir géifen äis jiddefalls freeën, lech um 38. Landjugenddag begrëssen ze kënnen.

Charel Etringer,

President – LLJ Maacher

Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer Maacher a.s.b.l.

D'Landjugend Maacher stellt sech vir

Nodeem de Landjugendgrupp aus dem Dekanat Betzduerf am Joer 1974 opgeléist ginn ass, sinn d'Memberen an d'Landjugend aus dem Dekanat Gréiwemaacher opgeholl ginn. Doraus ass dunn d'Lëtzebuurger Landjugend Dekanat Osten entstan. Speiderhin ass sech op d'Bezeechnung Landjugend Maacher geeenegt ginn. Zanter 2003, wou de regionale Landjugendgrupp sech zur A.s.b.l. konstituéiert huet, dréit hien déi offiziell Bezeechnung **Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer – Maacher a.s.b.l.**, fir esou d'Verbonnenheet mat de nationale Jugendorganisationen **Lëtzebuurger Landjugend** respektiv **Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer** auszudrücken. Zu den Ziler vun den Associatiounen gehéiert

den Encadrement vun deene Jonken vum Land, fir hir perséinlech Kapazitéiten um professionnelle, sozialen, reliésen a kulturelle Plang ze fördern.

Jonk an dynamesch Equipe

Am Moment zielt d'Landjugend Maacher ronn 120 Memberen mat engem Durchschnittsalter vun 20 Joer bei deenen Aktiven. Dat weist drop hin, datt mir eng jonk an dynamesch Equipe sinn.

Niewent deene sëllege Fräizäitaktivitéiten - wéi Keelespill, Waasserski/Banann fueren, Theaterstécker kucke an op d'Schueberfouer goen, ... - hu mir dee leschte Summer eng éischte Kéier e Beach-soccer-Tournoi zu Rouspert op der Sauer or-

ganiséiert. Och d'Fuesend si mir ënnerwee. Do geet et fir d'Éischt op d'Kaappesetzung op Godendorf (D) an da mat eisem eegene Fueswon op den Ëmzuch op Ralingen (D) an op Waasserbëlleg.

Am Fréijoer steet oft en Inlandtour um Programm, wou mir eise Memberen e flotten a léierräichen Dag mat Visite vu modernen a fortschrëttleche Betriber ubidden. Deemno ware mir dat lescht Joer de Vitarium vun der Luxlait an d'Biogasanlag um Buchholtzerhaff besichtegen an hunn uschéissend d'Visite vun enger Kellerei op der Musel gemaach.

Sait laange Joren féiere mir an de Chrëschtmetten zu Beidler ënnert der Leedung vum Här Paschtouer Kubajak Mark e Krëppespill op. Op nationalem Plang si mir op der Foire Agricole zu Ettelbréck aktiv a bedeelegen äis un de sëllege Manifestatiounen vun deenen anere Landjugendgruppen.

Zu den erausstechenden Aktivitéiten zielt déi am 2-Jores-Rhythmus organiséiert **Landjugend-Power-Aktioun**, wou mir während 36 Stonnen fir d'Allgemengheet um Dill sinn. An deene leschte Joren hu mir esou eng ganz Rei Projeten op benevoler Basis realiséiert, wéi den Ausbau vun enger Aussichtsplaz am Wéngert zu Waasserbëlleg, d'Opriichte vun enger Spillplaz zu Henkel



Organisationskomitee vum Landjugenddag 2012

1. Rei (v.l.n.r.): Schiltz Charel, Bartz Claude, Mangen Jean-Marc, Girst Patrick, Krischler Tanja, Seyler Kevin, Clemens Georges, Stronck Oliver
 2. Rei (v.l.n.r.): Etringer Charel, Schmit Georges, Schiltz Tessy
 Net op der Foto: Schiltz Carmen, Stronck Anne, Leonardy Pit

Komitee 2012 – 2013

President:	Etringer Charel
Vize-President:	Bartz Claude
Sekretärin:	Krischler Tanja Schiltz Tessy
Keessier:	Seyler Kevin
Memberen:	Clemens Georges Girst Patrick Leonardy Pit Mangen Jean-Marc Schiltz Carmen Schiltz Laurent Stronck Anne Stronck Oliver

oder enger Picknick- a Grillplaz zu Rouspert, d'Restauratioun vun engem ale Wäschbuer zu Bierg (Betzduerf),... Mir sinn deemno gespaant, wat déi respektiv Gemenge-Verantwortlech fir d'Editioun 2012 – déi den 8.-9. September duerchgefouert gëtt – fir äis preparéiert hunn.

Fir datt de Grupp sech finanziell droe kann, steet all Joer eisen traditionellen Bal mam Numm „Geff Nugga“ um Aktivitéitskalenner.

Zousätzlech zu dësen Aktiounen ënnerstëtze mir och ëmmer gären d'Entwécklungszesummenaarbecht vun der ONG **Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.** zugonschte vun der ländlecher Bevëlkerung an Afrika. An eiser leschter Generalversammlung hu mir esou e Scheck am Wäert vun 1.000 € un déi Verantwortlech vun der ONG iwwerreicht. Ee weidere kon-

krete Bäitrag zur Aarbecht vun der ONG leeschte mir mat der Organisatioun vun traditionellen Dag vun der Kooperatioun, deem den 23. Oktober 2011 zu Rouspert, resp. zu Steenem mat Succès duerchgefouert gouf.

Vill weider Informatiounen zu der Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer fënnt deen Interesséierten ënner www.jongbaueren.lu.

Lëtzebuurger Landjugend –
Jongbaueren a Jongwënzer

Heimat invitéiere mir d'Membere vun der **Lëtzebuurger Landjugend** an de **Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer** ganz hærzlech op

**déi uerdentlech
Generalversammlungen
vun eise Verbänn**

Lëtzebuurger Landjugend a.s.b.l.

**Lëtzebuurger Jongbaueren
a Jongwënzer a.s.b.l.**

**Lëtzebuurger Landjugend –
Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.**

e Freideg, de 4. Mee 2012

um **20:15 Auer** am Festsall vum
Lycée Technique Agricole-Ettelbréck

Oktav 2012

Pélé des Jeunes

D'Membere vun der **Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer**, déi sech um Pélé des Jeunes bedeelegen, treffen sech mat all de Jonken, déi sech op de Pilgerwee an d'Kathedral maachen:

e Sonndeg, den 29. Abrëll 2012

um **03:00 Auer** an der aler Schoul zu Alzéng bei der Kierch

D'Kathoulesch Aktioun vum „Duerf“ op der Schlusspréssessioun

D'Schlusspréssessioun vun der Oktav ass

e Sonndeg, den 13. Mee 2012

D'Membere vun der Kathoulescher Aktioun vum Duerf, de Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer an der Lëtzebuurger Landjugend gi sech

um **15:00 Auer** Rendez-vous op der Place Clairefontaine
beim Monument vun der Groussherzogin Charlotte.

D'Pilger kënnen sech och an der rue Notre-Dame hannert dem Fändel vun der Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer uschléissen.

Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht an Afrika



Am Kader vun der dësjäreger Generalversammlung huet de regionale Grupp **Clärrref** vun der **Lëtzebuurger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer** dem Abbé Romain Richer, President vun der ONG, e Scheck am Wäert vun 1.000 € iwwerreicht. E weidere Scheck vun 1.000 € gong bei dëser Geleeënheet un den Här Michel Deckenbrunnen, Koordinator vum Télévie-Spendenzentrum vu Wäiswampech.

De Verwaltungsrout vun der ONG dréckt deene Verantwortleche vun deene Clärrwer e ganz grouse Merci aus, fir d'Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht am Intressi vum Bauerestand an Afrika.

Lëtzebuerg Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

Unsere Entwicklungsprojekte 2012 – 2. Teil

Burkina Faso – Imasgo

Fortsetzung des Programms im CTAA

Zwei kastrierte Esel arbeiten zur Zufriedenheit der Ausbilder



Der Dreizahn ist hilfreich zum Auflockern der Erde sowie zum Jäten des Unkrauts

(Siehe Duerf 3/2012 - Seite 10)

Um das Zentrum weiterhin besser bekannt zu machen, sind in diesem Jahr 8 Rundfunksendungen in den lokalen Radiostationen sowie die Beteiligung des CTAA an der „Journée de l'Innovation“ und der „Journée Nationale du Paysan“ vorgesehen. Außerdem wurde ein „Tag der offenen Tür“ auf dem Zentrum mit eingeplant. Um die Aktivitäten des Zentrums besser bekannt zu machen, werden die Jahresberichte an die lokalen und regionalen Autoritäten weitergeleitet.

Zurzeit beherrschen 5 Schmiede das fachgerechte Herstellen der Kassin. Im letzten Jahr wurden 20 Kassine der Vereinigung Promo-Femmes geliefert, 20 weitere wurden den 4 Pilotdörfern zur Verfügung gestellt und in Kürze werden 20 weitere Kassine an diese Dörfer geliefert. Der Preis einer Kassin mit einer „Soussoleuse“, die zum Aufschneiden des harten Bodens dient, beläuft sich auf 80.000 FCFA (120 €). Hinzu kommt noch ein Dreizack zum Jäten und zur Auflocke-

rung der Erde zu einem Preis von 25.000 FCFA (37,50 €). Im Ganzen beläuft sich die Ausgabe für 20 Kassine auf 3.150 €, die integral von unserer NRO getragen wird und somit die Bilanz des Zentrums nicht belastet.

Um den Bauern die Benutzung der Kassin zu ermöglichen, hat unsere NRO diese 20 Geräte bestellt, die den „Comités Villageois de Développement“ (CVD) der vier Pilotdörfer zur Verfügung gestellt werden. Die Vereinigungen verpflichten sich, die Kassinen den Bauern zu einem festgesetzten Preis zu vermieten. Mit dem eingenommenen Geld werden die anfälligen Reparaturen der Gerätschaften bezahlt und neue Kassine gekauft. Möchte ein Bauer eine Kassin kaufen, so vermittelt das CTAA die Bestellung an die Kooperative der Schmiede in Kamboincé, die berechtigt ist, das Gerät fachgerecht herzustellen.

Frau Elise Sonnet, Studentin an der Universität von Montpellier, zurzeit Praktikantin am CTAA, hat 60 Bauern interviewt, um den

Bedarf an landwirtschaftlichem Material festzustellen. Sie hob hervor, dass

- die Zweckmäßigkeit der Kassin allgemein anerkannt sei;
- der Bedarf an Karren ebenso groß sei wie der an Kassinen;
- keine Standardlösung zur Finanzierung des Materials bestehe, sondern von Dorf zu Dorf verschieden sei;
- die Herstellung der Kassin unter Umständen von staatlichen Zuschüssen profitieren könnte.

Die Bauerndelegationen von Koalma, Sabouna und Tiogo waren voll des Lobes über die erzielten Ernten, die trotz widrigen Witterungsverhältnissen dank des Einsatzes der Kassin und des Kompostes besser ausgefallen waren als die der Bewohner der Nachbardörfer.

Da in vielen Dörfern manche Bauern nicht lesen und schreiben können, wurde der Wunsch für eine Alphabetisations-Kampagne zu Gunsten dieser Bewohner geäußert.




Blick auf einen Teil der Teilnehmer am diesjährigen „Comité de pilotage stratégique“ im Tagungsraum des CTAA



Die offizielle Überreichung der 20 Kassine, die an die „Comités Villageois de Développement“ der vier Pilotdörfer geliefert werden.

V.l.n.r.: Leo Wagener, Jean Sawadogo, Emilienne Tiogo, Jean Christophe Yaméogo, Alfred Ouédraogo, Marcel Scheidweiler (kniend)



Überreichung des Abschiedsgeschenk an den scheidenden Vorsitzenden Dechant Leo Wagener.

V.l.n.r.: Marcel Scheidweiler, Alfred Ouédraogo, Leo Wagener, Emilienne Tiogo, Jean Christophe Yaméogo

Es sei hervorgehoben, dass das Jahr 2011 mit einem Saldoüberschuss von etwa 3.000 € abschloss und dass die finanzielle Bilanz nach 4 Jahren Aktivität im Gleichgewicht ist.

Überreichen der 20 Kassinen

Am letzten Tag ihres Aufenthaltes, begab sich die luxemburgische Delegation zur Schmiedewerkstatt nach Kamboincé, etwa 10 km nördlich von Ouagadougou, der Hauptstadt, gelegen.

Jean Sawadogo, Gründer und Vorsitzender der Kooperative, wies auf die Schwierigkeiten hin, um guten Stahl zu erwerben. Stahl aus Ghana ist billiger, eignet sich jedoch nicht zum Biegen der Lenkstange der Kassine, weil die Unreinheiten nicht genügend aus dem Stahl entfernt werden. Europäischer Stahl ist zwar teurer und schwer erhältlich, entspricht hingegen den Anforderungen, um ein gutes Gerät herzustellen.

In den zwei Jahren ihres Bestehens, hat die Schmiedekooperation etwa 350 Kassine hergestellt und verkauft.

In Anwesenheit von Herrn Jean Christophe Yaméogo, Vorsitzender in Vertretung der Partner-Organisation AMUS, Herrn Alfred Ouédraogo, Direktor des CTAA, Frau Emilienne Tiogo, stellvertretende Direktorin des CTAA, überreichte Direktor Jean Sawadogo die 20 bestellten Kassine der luxemburgischen Delegation.

Ehrung unseres Vorsitzenden, Herrn Dechant Leo Wagener


Bei einem gemütlichen Abschiedstrunk, überreichte der Vorsitzende in Vertretung von AMUS Herrn Leo Wagener ein Anerkennungsgeschenk in Form einer Ledermappe, die innen seinen Namen trägt. Herr Wagener bedankte sich herzlich für diese große Ehre und versicherte, dass er sich weiterhin, wenn auch nicht als Vorsitzender, so doch als Mitglied des Verwaltungsrates der NRO „Lëtzebuerger Jongbauern a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.“, für die Interessen der Landbevölkerung Afrikas einsetzen werde.

Zweite Phase des Projektes

Betreffend die eventuelle zweite Phase des Projektes sei hervorgehoben, dass der lokale Partner konkrete Vorschläge ausarbeitet, um den weiteren Anforderungen des CTAA und den regionalen Bauernvertretungen gerecht zu werden. Wir hoffen, dass diese baldmöglichst dem hiesigen Ministerium für Entwicklungszusammenarbeit und humanitäre Hilfe vorgelegt werden können, um einen reibungslosen Übergang in die nächste Etappe des umfangreichen Projektes zu gewährleisten.

In diesem Sinn schauen wir voll Optimismus in die Zukunft und werden uns – mit Hilfe unserer Gönner – weiter bemühen, um der ländlichen Bevölkerung in Burkina Faso und insbesondere dem lokalen Bauernstand entgegen zu kommen in ihrem Bestreben nach besseren Lebensbedingungen.

Marcel Scheidweiler
Projekt-Manager



Die von unserer NRO bestellten 20 Kassinen; 2 davon fertig montiert, die restlichen 18 noch in Einzelteile zerlegt



Das Hinweisschild der Schmiedewerkstatt der Kooperative SCAFMA – PROMMATA BF

Auferstehungsfeier



Von älteren Leuten ist immer wieder die Beschwerde zu hören, dass die Liturgiereform ihnen einen der schönsten Gottesdienste im Jahr weggenommen habe. Die Rede ist von den Auferstehungsfeiern, die vor der Reform der Osternacht im Jahr 1951 üblich waren. Wenn hier an diese Gottesdienste erinnert wird, dann geschieht dies nicht aus nostalgischen Gründen. Ebenso wenig soll für eine Reinstallierung geworben werden. Aber bemerkenswert ist, dass die Gläubigen etwas erleben konnten, was sie heute vielfach vermissen.

Solche Auferstehungsfeiern entstanden im Hochmittelalter als Ersatz für die Osternacht, die entsprechend damaligem liturgischem Verständnis am Karsamstagmorgen stattfand. Für das Volk wurde am Abend ein eigener Gottesdienst gehalten: die *Elevatio crucis*, die Erhebung des Kreuzes oder – wie man volkstümlich sagte – die Auferstehungsfeier.

Ihren Ursprung hat diese *Elevatio crucis* in einem Brauch, den im ausgehenden 10. Jahrhundert Pilger aus Jerusalem mit-

brachten: Nach der Karfreitagsliturgie mit der Verehrung des Kreuzes wurde ein Kreuz in ein „Heiliges Grab“ gelegt (*depositio crucis*). Angereichert mit Gebeten und Gesängen aus der Tagzeitenliturgie entstand aus diesem schlichten Brauch eine ergreifende Feier. An zahlreichen Orten wurde bald statt eines Kreuzes eine Christusfigur ins Grab gelegt. Es wurde Grabwache gehalten und dann in einem feierlichen Gottesdienst das Kreuz oder die Christusfigur wieder aus dem Grab erhoben. Vielerorts wurde diese Erhebung dramaturgisch reich ausgestaltet. Osternspiele ranken sich darum und zahlreiche Osterlieder in deutscher Sprache entstanden. Auch das älteste deutsche Osterlied „Christ ist erstanden“ hat hier seinen Sitz im Leben.

Die Gläubigen konnten in diesen Gottesdiensten sinnlich erfahren, was Tod und Auferstehung Jesu Christi bedeuten. Deshalb liebten sie diese Feiern. Heute haben wir Gläubigen die Chance, mit Christus den Weg vom Tod zum Leben in der Feier der Osternacht zu gehen und darin immer wieder aufs Neue Anteil an diesem österlichen Leben zu erhalten. Die Osternacht ist reich an Symbolen und besonderen rituellen Handlungen, die das Miterleben des Paschamysteriums ermöglichen. Die Rückbesinnung auf den alten Brauch der *Elevatio crucis* will darauf aufmerksam machen, wie zentral es ist, den Glauben sinnenhaft erfahren zu können. Die Feiern der heiligen drei Tage bieten dafür Chancen im Überfluss.

CIG 15/2012

Eine Stille, die redet

Der Tag der Auferstehung Jesu, den wir an Ostern feiern, versetzt uns bildlich über das Grab und das Tor des Todes hinaus in die Zeit unserer Erquickung in Abrahams Schoß.

Wir haben genug an Mühsal, Traurigkeit, Verdrossenheit, Schmerz und Seelenqual gehabt. Wir haben genug von dieser mühseligen Welt. Wir haben genug von ihrem Lärm und Geräusch. Ihre beste Musik ist nur Lärm.

Nun aber ist Stille; und es ist eine Stille, die redet. Wir wissen, wie seltsam das Gefühl vollkommenen Schweigens nach unaufhörlichem Lärm ist. Das ist jetzt unser gesegnetes Los. Ruhige und heitere Tage haben begonnen; und – weil die Welt nicht mehr spricht – man hört darin Christus und seine sanfte Stimme.

Mögen wir wachsen in der Gnade und in der Erkenntnis unseres Herrn und Heilandes, Festzeit um Festzeit, Jahr um Jahr, bis er uns zu sich nimmt.

John Henry Newman in: „Dem Licht folgen“ (Patris Verlag, Vallendar 2011)

Impressum

Herausgabe:

ACML
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 LUXEMBOURG

Verantwortung:

Aktioun:

Jean-Paul Schneider 44743-251
Fernand Huberty 44743-251

Duerf:

Romain Richer 44 743-562
Franz Glodt 44 743-252

Druck:

Saint-Paul Luxembourg

Erscheinungsdatum:

zehn mal jährlich